ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
02 OCT. 2019
1280

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2, Oktober 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

De System vun de sougenannte „gratis" Schoulbicher, deen de MEN agefouert huet, verleeft net ouni Schwieregkeeten. De System schéngt an der Praxis relativ komplizéiert a mat vill Opwand verbonnen ze sinn. An deem Zesummenhank wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Wéi e Bilan zitt den Unterrechtsministère aus den Erfarunge mat dem neie System vun de Schoulbicher? Wou gesäit de Ministère eventuell Problemer?
2. Gëtt et just d'Méiglechkeet, déi Bicher iwwer Internet unzefroen, oder kréien d'Elteren an d'Schüler (eventuell op Ufro) och en Dokument op Pabeier?
3. Den definitive Programm fir d'Librairie kënnt, no der Meenung vu Villen, vill ze spéit eraus (dëst Joer wor dat de 19. Juli 2019). Da gëtt et nach eng Rei vu Kontrollen an administrative Schrëtt an eréischt dono kënne Bestellunge vun de Libraire gemaach ginn. Fir verschidde Bicher (z.B. fir d'Fach Englesch) ass dat ze spéit, well hei d'Liwwerfrist besonnesch laang ass. Gesäit den Här Minister hei d'Méiglechkeet fir Verbesserungen?
4. Och verschidden Eltere beschwéiere sech iwwer ze vill kuerz Delaien, besonnesch wa si digital net esou fit sinn. Ass den Här Minister der Meenung, datt et sënnvoll wär, och am Interessi vun den Elteren a vun de Schüler, d'Delaien ze verlängeren?
5. Wat geschitt, wa Professere Bicher vun der Lëscht schlussendlech awer net benotze wëllen an de Schüler dat am September matdeelen? Menges Wëssens huelen d'Librairien déi Bicher net erëm. Kéinten déi, am Fall wou d'Leit se net fir een eventuelle perséinleche Gebrauch hale wëllen, gesammelt ginn, z.B. fir an eng ëffentlech Bibliothéik, eng Schoulbibliothéik oder fir d'Besoinen am nächste Schouljoer stockéiert ginn?
6. Am Fall, wou Professeren nach aner Bicher, wéi déi, déi op der Lëscht virgesi sin, benotze wëllen, oder an der Mëtt vum Joer e weidert Buch benotze wëllen, ginn déi Bicher dann och rembourséiert ? Wa jo, no wéi enge Modalitéiten?
7. Wéi eng Autonomie hunn d'Lycéeën an déi eenzel Professere fir de Choix vun de Bicher, déi kënne rembourséiert ginn?

8. Kéint de Ministère sech virstellen, de System sou ze flexibiliséieren, datt Professeren, déi dat wëllen, selwer déi Bicher, déi si benotze wëllen, kollektiv an de Librairie bestelle kënnen an d'Bicher fir hir Klassen dann an d'Lycéeë liwwere loossen?
9. Wann d'Librairen oder d'Schüler op den Helpdesk uruffen, gëtt den Uruff dacks net entgéint geholl oder si hänke ganz laang an enger Schleef, ouni datt eppes geschitt. Och wann den Uruff beäntwert gëtt, gëtt de Leit dacks just geroden eng E-Mail ze schreiwen, wourop een dann en „accusé de réception" kritt an dann eréischt no 4 bis 5 Deeg eng richteg Äntwert. Besonnesch fir Librairen ass dat e ganz schwieregen Ëmstand. Gesäit den Här Minister eng Méiglechkeet, fir de Service vum Helpdesk ze verbesseren?
10. Wär et méiglech, datt eng besser Koordinatioun tëschent deenen zoustännegen Instanzen an dem Sënn virgesi gëtt, fir datt déi gefrote Bicher och effektiv zum gewënschten Zäitpunkt disponibel sinn?
    Dacks schéngt et leider esou ze sinn, datt sech weder de Ministère nach d'Programmkommissiounen am viraus intensiv genuch doriwwer informéieren, ob déi Bicher, déi si op de Programm setzen, och disponibel sinn. Dëst bréngt mat sech, datt dacks Bicher um Programm stinn, déi vergraff sinn oder nei gedréckt (réimpression) ginn. An esou Fäll kënnt et vir, datt esou Bicher eréischt vun Enn September oder esouguer Enn Oktober un disponibel sinn.
    E puer Beispiller vun dësem Joer: *Leporello* (vum Ministère erausginn) - parution octobre; *Histoire - Lumière et Révolution édition spéciale pour le Luxembourg* (Nathan) - parution octobre ; *Français littérature, anthologie chronologique* (Nathan) – *parution octobre*
11. Bei eenzelen Titele kënnt et fir, datt de Ministère ouni Virwarnung Bicher vum Programm hëlt oder duerch eng aner Editioun oder en anert Buch ersetzt. Zu dem Zäitpunkt hunn d'Librairen oder d'Schüler awer dacks schonn déi Bicher bestallt, déi um Ufank virgesi waren. Wann d'Schüler dann an de Bicherbuttek komme fir hir Bicher matzehuelen, sti si net méi op hirer Lescht, wat mat sech bréngt, datt d'Libraire hinnen se net kënne matginn. Déi ursprénglech bestallte Bicher kréien d'Libraire dann net méi verkaf a maachen dorop eng Perte. Wat kann den Här Minister maachen, fir de System méi zouverlässeg ze maachen?
12. D'Schüler schéngen dacks net richteg doriwwer informéiert ze sinn, datt si fir verschidde Fächer (z.B.an der Mathematik) mussen d'Sprooch (Franséisch oder Däitsch) an/oder den Niveau („base" oder „avancé") op hirer „MyBooks App" eraus wielen. Wa si dat awer net maachen, komme keng Bicher op hir Lëscht stoen. Wat kann de Ministère maache fir d'Schüler am viraus besser doriwwer ze informéieren?
13. Bei den Decompten, déi de Ministère all Dag eraus schéckt fir d'Librairen ze remboursséieren, kënnt et menges Wëssens zu Onkloerheeten. Verschidden Titele gi mat null Euro verrechent, obwuel d'Libraire jo déi Bicher hire Fournisseure musse bezuelen. Ass den Här Minister bereet, fir de Fonctionnement vun den Decompten am Dialog mat de Librairen ze iwwerpréiwen a, wann néideg, ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 14 novembre 2019

Monsieur le Président de la Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1280 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

De Feedback vun den Elteren a vun de Libraires-partenaires fält insgesamt positiv aus.

Fir d'Librairen entsteet méi eng grouss Planungssécherheet, dat esouwuel wat d'Unzuel wéi och wat d'Titele vun de Bicher déi bestallt ginn, ubelaangt. Et konnt festgestallt ginn, datt vill manner Bicher net ofgeholl oder falsch bestallt goufen. Dorauser ergëtt sech en ekonomesche Gewënn an eng reell Plus-value fir de Lëtzebuerger Bicherhandel.

D'Eltere beschreiwen hirersäits de Programm resp. d'Applikatioun www.mybooks.lu als fiabel a „userfriendly".

Et bestinn awer weiderhin nach Erausfuerderungen, dat notamment wat d'Livraisoun vu Bicher ubelaangt. Et ass nach ëmmer e Problem gewiescht, datt verschidde Bicher net direkt bei der Rentrée disponibel waren. Iwwert den aktuellen zentraliséierte System kréie mir awer e besseren Abléck an d'Méiglechkeet fir anzewierken. Dëst bréngt och eng Verbesserung par rapport zu der Situatioun vu virun der Aféierung vun der Gratuitéit mat sech.

Eng Verbesserung kann deemno um Niveau vun der finanzieller Entlaaschtung vun den Elteren, der Planungssécherheet fir Librairen, a vun der Organisatioun vun der Rentrée scolaire festgestallt ginn.

**Ad 2)**

Iwwert d'App www.mybooks.lu hunn d'Elteren de Choix, ob si hir Bicherlëscht op engem Tablet oder engem Smartphone wëllen uweise loossen oder op Pabeier erausdrécken. An de Schoule sollen d'Schüler selbstverständlech gehollef kréien, wann si Problemer mat engem Computer hunn, oder keen Accès hunn.

**Ad 3)**

De Ministère schafft an enker Koordinatioun mat de Librairen, den Editeuren, den nationale Kommissiounen an de Schoulen. Dobäi verfollegt de Ministère och d'Zil, den Delai fir d'Publikatioun vum Buchverzeechnes esou fréi wéi méiglech am Kalennerjoer ze plazéieren. Allerdéngs ass dofir eng zäitopwändeg Preparatioun op allen Niveauen a mat alle Partner noutwenneg. Nëmmen esou kënnen all



127-00188-2004816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Acteuren am Kader vum Gratuitéitsprogramm voll vu qualitativ heichwäertege Metadonnéeën (z.B. ISBN, Titel, Editioun, Präis) an der Bicherlëscht profitéieren.

Als zousätzlech Erklärung läit den Echéancier vum ganze Prozess bäi.

**Ad 4)**

D'Applikatioun www.mybooks.lu ass zënter dem 25. Juli online accessibel. D'Ouverture vun der App ass mat Beduecht gewielt, sou datt d'Schüler an d'Eltere bis zur Rentrée 2019 genuch Zäit hunn, déi obligatoresch Buchtitele bei hire Libraire sichen ze goen. Doriwwer eraus gouf de Programm bis zum 30. Juni 2020 verlängert an dat just, fir de Schüler an den Eltere méiglechst laang Zäit ze ginn, vun der Gratuitéit kënnen ze profitéieren.

**Ad 5)**

Déi entspriechend Schoulbuchtitele si fir den Enseignement secondaire obligatoresch. Dës Schoulbuchtitele si vun den nationale Kommissioune virgesinn a gi vun Enseignanten ausgewielt. Fir dem Gaspillage entgéintzewierken, ginn am Kader vum Gratis-Schoulbuchprogramm all déi Bicher, déi net benotzt ginn, haut schonn zentral an de Schoule gesammelt a fir d'Besoinen am nächste Schouljoer stockéiert.

**Ad 6)**

Bicher, déi net um Programm vun den obligatoresche Schoulbicher ze fanne sinn, kann de Schüler iwwert d'Chèques-livres beim Libraire kréien. Dat ass awer just méiglech, wann de Schüler en Deel vun sengen obligatoresche Bicher ecartéiert huet an den entspriechende Wäert vu 50% pro Buchtitel op senge Chèques-livres guttgeschriwwe gouf. Ass dat net de Fall, muss de Schüler déi zousätzlech Bicher selwer finanzéieren.

**Ad 7)**

Am Kader vun der Preparatioun vum Programm *Gratuité des manuels scolaires* hunn d'Lycéeën, am Sënn vun der Autonomie, d'Méiglechkeet, en eegene Choix vu Schoulbicher ze treffen. Dës Titele ginn och iwwert d'App www.mybooks.lu rembourséiert.

**Ad 8)**

De Choix vun den obligatoresche Bicher ass iwwer d'national Kommissiounen an iwwer d'Schoule gereegelt. All d'Enseignantë sinn an dëse Gremie vertrueden oder representéiert. Op enger Rei vu Klassen, wou den Enseignant muss ganz differenzéiert schaffen (z. B. Accueil, CLIJA, VP), huet hien d'Méiglechkeet, Bicher ze wielen an iwwer d'Schoul ze bestellen, déi de Besoinen vun de Schüler entspriechen.

**Ad 9)**

Wa Froen zum Oflaf vum Gratis-Schoulbuchprogramm opdauchen, kënnen d'Schüler, d'Elteren an d'Enseignantë sech un den Helpdesk wenden (helpdesk@cgie.lu, Tel.: 247-85999). D'Personal vum Helpdesk versicht, op all individuell Demande esou séier a vollstänneg wéi méiglech ze äntweren. Dëse Prozess kann am Eenzelfall iwwert een Dag erausgoen.

D'Kontakter mat de Librairë sinn alldeeglech.

**Ad 10)**

De Ministère ass zanter dem Ufank vum Gratis-Schoulbuchprogramm bestrieft, all d'Schoulbicher bei der Ouverture vun der App www.mybooks.lu disponibel ze maachen. De Ministère huet d'Verlagshaiser dacks iwwert d'Ännerungen an Ufuerderungen vum Gratis-Schoulbuchprogramm informéiert. Intern Planungen an externe Verlagshaiser kann de Ministère net beaflossen.

**Ad 11)**

De Minstère ass bestrieft ze garantéieren, datt all Schüler säi Buch kritt. Wann e Buch vergraff ass oder eng nei Editioun eng al ersetzt, da gëtt d'Base de données deementspriechend adaptéiert. Falls de Schüler an der Librairie e Buch krut, datt net virgesinn ass, dann huet hien en Urecht ob dat Neit.

**Ad 12)**

De Schüler muss am Kader vun engem Choix de disciplines an der App all déi Buchtitelen auswielen, déi dem Programm vu senger Klass a sengem Niveau entspriechen. Fir d'Méiglechkeete vun dëser Auswiel méi transparent ze maachen, huet de Ministère d'App visuell ugepasst. Esou gesäit de Schüler och déi Titelen, déi net ausgewielt goufen.

**Ad 13)**

De Ministère generéiert all Dag d'Decompten, déi duerno un d'Libairien iwwermëttelt ginn. Wat de finanztechneschen Oflaf vum Gratuitéitsprogramm betrëfft, steet de Ministère an enkem a reegelméissegem Kontakt mat de Librairen. Eventuell Problemer oder Onkloerheete kënnen esou ouni Zäitverloscht an effikass geléist ginn. An der Reegel vergi vum Verkaf bis zum Iwwerweise vun de Suen un d'Librairen 10 Deeg. Hei weist de Ministère eng grouss Reaktivitéit.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Annexe : Echéancier de la procédure 2019/2020

| Date début | Date fin | Attribution | Action |
|---|---|---|---|
| 15/01/2019 | < 15/01/2019 | Service financier MENJE | finalise l'estimation des dépenses |
| 15/01/2019 | < 15/02/2019 | CGIE-SCRIPT-SES | se concertent en vue d'une optimisation de la procédure et des applications informatiques |
| 17/02/2019 | < 22/02/2019 | Responsable SES | demande aux directions d'indiquer deux responsables lycée pour la sélection des manuels au choix; délai : 15/03 |
| 17/02/2019 | < 25/02/2019 | Responsable SES | configure les AET - disciplines |
| 17/02/2019 | < 27/02/2019 | Responsable SES | définit les utilisateurs CNES habilités à faire les changements, en principe les présidents |
| 17/02/2019 | < 27/02/2019 | Responsable SES | informe les présidents des délais et les avise de leurs responsabilités |
| 15/01/2019 | <15/03/2019 | CGIE | met en place les améliorations demandées eSB |
| 25/03/2019 | < 25/03/2019 | Responsable SES | informe les présidents de CNES de la mise en ligne de l'application |
| 25/03/2019 | < 22/04/2019 | Président CNES | vérifie si les manuels sont disponibles chez l'éditeur<br>vérifie l'exactitude des numéros EAN et des titres<br>raie les anciens manuels<br>saisit les nouveaux manuels dans l'application |
| 10/05/2019 | < 10/05/2019 | Président CNES | vérifie, ensemble avec les responsables SES ou SCRIPT les manuels (vérification déjà possible pendant les vacances de Pâques, si souhaité) |
| 13/05/2019 | < 13/05/2019 | Responsable MENJE | attribue des droits aux directions<br>- pour la saisie des manuels au choix et<br>- pour l'édition de liste des manuels par disciplines |
| 13/05/2019 | < 13/05/2019 | Responsable SES | ouvre l'accès, pour les libraires, à tous les manuels, sauf CHOLYC et DEROG |
| 13/05/2019 | < 27/05/2019 | Directions des lycées | transmettent les demandes de dérogation au ministre (intermédiaire : responsable SCRIPT) |
| 13/05/2019 | < 24/05/2019 | Directions des lycées | convoquent les enseignants en conférences spéciales |
| 13/05/2019 | < 12/06/2019 | Directions des lycées | valident les manuels au choix du lycée |
| 14/05/2019 | < 12/06/2019 | Responsable SCRIPT | avise les demandes de dérogation |
| 12/06/2019 | < 12/06/2019 | Responsable SES | bloque les ajouts pour tous les intervenants, sauf lui-même + responsable SCRIPT |
| 14/06/2019 | < 21/06/2019 | Ministre | prend position p.r. aux demandes de dérogation |
| 24/06/2019 | < 05/07/2019 | Responsable SES | prépare la lettre de réponse du ministre<br>si accord du ministre : ajoute le manuel DEROG<br>sinon: statu quo |
| 08/07/2019 | < 08/07/2019 | Responsable SES | bloque tous les ajouts |
| 15/07/2019 | < 15/07/2019 | Service financier MENJE | établit l'arrêté ministériel « Manuels scolaires » |

| Date début | Date fin | Attribution | Action |
|---|---|---|---|
| 16/07/2019 | < 16/07/2019 | Ministre | signe l'AM « Manuels scolaires » |
| 22/07/2019 | < 22/07/2019 | Responsable SES | publie la version année scolaire 2019/2020<br>informe les libraires de la publication de la version définitive année scolaire 2019/2020 |
| 17/06/2019 | < 05/07/2019 | Lycées | affectent les élèves 7e aux classes |
| 27/06/2019 | < 05/07/2018 | Lycées | affectent les élèves 7e avec recours aux classes |
| 10/07/2019 | < 15/07/2019 | Lycées | basculent les élèves ayant réussi |
| 15/07/2019 | < 17/07/2019 | Lycées | affectent les nouveaux élèves (hors 7e) |
| 15/07/2019 | < 25/07/2019 | Lycées | affectent les élèves transférés entre lycées, les élèves refusés et redoublants restant au lycée, les élèves réorientés |
| 26/07/2019 | < 17/09/2019 | Lycées | affectent les élèves retardataires pour l'inscription |
| 15/08/2019 | < 29/10/2019 | Elèves ESC et ESG | accèdent à l'application myBooks |